Fédération des Enrôlés de Force,
Victimes du Nazisme (FEDEF)

Enrôlés de Force -
Sektioun Conter

GEDENKFEIER FIR D'AFFER VUM MASSAKER VU SONNENBURG

Mutfert - 30. Januar 2023

Am Agank vum Kierfecht vu Slonsk (Polen) steet dës Éierepaart, déi fir de 50. Anniversaire vum Massaker vu Sonnenburg op Initiativ vun der Zwangsrekrutéiertefederatioun mat polnesche Künstler realiséiert gouf (Foto: Jean Ferber)

Eng Organisatioun vun der „Fédération des Enrôlés de Force, Victimes du Nazisme", der Gemeng Conter an der Sektioun vun den Enrôlés de Force - Gemeng Conter mat der Ënnerstëtzung vum „Service de la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale"

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Comité pour la mémoire de la
Deuxième Guerre mondiale

dynamesch engagéiert fir Iech
Gemeng Conter

De Grafstee fir d'Lëtzebuerger Jongen um Kierfecht vu Sonnenburg (haut Slonsk a Polen).

Programm vun der Gedenkfeier vum 30. Januar 2023 zu Mutfert

16.00 Auer:

- Empfank vun den Éieregäscht a Rassemblement op der Plaz „Ons Jongen“ niewent der Kierch an der Éiterstrooss (Rue d’Oetrange).
- Aweiung vun enger Gedenkplack beim „Monument aux Morts“ fir d’Affer vum Massaker vu Sonnenburg.
- Nidderleeë vu Blummen, „Sonnerie aux Morts“ an „Heemecht“.

16.30 Auer:

- Gedenkfeier an der Kierch mat den offizielle Rieden, dem Ufänke vu Käerze fir déi 90 Affer, engem musikalesche Programm, engem Friddensgebiet an der „Heemecht“.

Duerno Cortège an de Kulturzentrum an der Méidengerstrooss (Rue de Medingen), wou d’Gemeng Conter eng Receptioun offréiert.

Do besteet och d’Méiglechkeet fir eng Visitt vun den Ausstellungen iwwert den Zweete Weltkrich zu Lëtzebuerg an d’Gefaangenelager 188 zu Tambow.

Dës Patrioten däerfe mir ni vergiessen!

Lëscht vun den 90 Lëtzebuerger Affer vum Massaker vu Sonnenburg

Antony Leonard vu Weimeschkierch, 23 Joer; **Baulesch Armand** vu Pärel, 23 Joer; **Baum Pierre** vu Rëmeleng, 21 Joer; **Becker Gustav** vun Déifferdeng, 20 Joer; **Bernardy Jean-Paul** vun Äischen, 20 Joer; **Birden Théophile** vu Lëtzebuerg, 20 Joer; **Bley Joseph** vun Houschent, 20 Joer; **Bonifas Philippe** vun Nouspelt, 22 Joer; **Bousson Michel** vu Lëtzebuerg, 21 Joer; **Braun Nicolas** vun Déifferdeng, 24 Joer; **Christophory Ernest** vu Mamer, 21 Joer; **Clement Pierre** vu Lëtzebuerg, 24 Joer; **Cordier François** vu Wanseler, 20 Joer; **Courte Michel** vum Neihaischen, 24 Joer; **Ewen Victor** vu Clierf, 22 Joer; **Faber Jean** vu Garnech, 20 Joer; **Felten Léon** vun Uewerpallen, 22 Joer; **Flesch René** vu Rodange, 20 Joer; **Franck Joseph** vu Märel, 21 Joer; **Frieseisen Joseph** vun Houschent, 22 Joer; **Gansen Joseph** vu Rolleng (Lamadelaine), 21 Joer; **Gilbertz Mathias** vu Bäerdref, 21 Joer; **Godefroid Hubert** vun Esch-Uelzecht, 19 Joer; **Hansen Norbert** vun Uewerkuer, 23 Joer; **Hayard François** vun Nidderkuer, 22 Joer; **Hommel Jean-Pierre** vu Rippweiler, 22 Joer; **Hubert Roger** vun Esch-Uelzecht, 23 Joer; **Jacoby Marcel** vun Déifferdeng, 24 Joer; **Jaminet Marcel** vun Diddeleng, 23 Joer; **Kaufmann Remy** vun Haassel, 19 Joer; **Kies Fernand** vun Helsem, 22 Joer; **Koerner Raymond** vun Déifferdeng, 21 Joer; **Koppes Jean Nicolas** (genannt Dorri) vun Duelem, 21 Joer; **Koster Jean-Pierre** vu Simmer, 22 Joer; **Krier Jean** vun Hamm, 23 Joer; **Linden Jean** vu Lëtzebuerg, 23 Joer; **Logelin Arthur** vun Déifferdeng, 22 Joer; **Lucas Jean Albert** vu Péiteng, 22 Joer; **Majerus Mathias** vu Géisdref, 19 Joer; **Marnach Jean-Pierre** vun Esch-Uelzecht, 22 Joer; **Mart Fernand** vun Esch/Uelzecht, 20 Joer; **Mathieu Ernest**, gebuer zu Oklahoma (USA), 23 Joer; **Mayer Albert** vu Walfer, 23 Joer; **Mertz Léon** vu Lëtzebuerg, 21 Joer; **Meyers August** vun Esch-Uelzecht, 22 Joer; **Momper Paul** vun Esch-Uelzecht, 21 Joer; **Neuens Albert** vu Beetebuerg, 21 Joer;

Ney Nicolas vu Stengefort, 24 Joer; **Noel Alphonse** vun Nidderkuer, 22 Joer; **Noel Jean** vu Rodange, 22 Joer; **Paul Clement** vun Diddeleng, 21 Joer; **Perl Jean** vu Rëmeleng, 23 Joer; **Perrard Joseph** vu Péiteng, 23 Joer; **Pfeiffer J.P. August** vun Esch-Uelzecht, 22 Joer; **Pierret Nicolas** vun Äischen, 21 Joer; **Pompermaier Lucien** vun Esch-Uelzecht, 22 Joer; **Reding Jean-Pierre** vu Groussbus, 21 Joer; **Reinesch Henri** vu Wooltz, 24 Joer; **Schmit Albert** vum Kierchbierg, 23 Joer; **Schmit Jules** vu Lëtzebuerg, 23 Joer; **Schmitz Jean** vun Huldang, 21 Joer; **Schmitz Nicolas** vun Houschent, 22 Joer; **Schockmel François** vun Uewerkuer, 22 Joer; **Scholtes Mathias** vun Alschent, 21 Joer; **Schoos Joseph** vu Péiteng, 23 Joer; **Schuller René** vu Schuller, 21 Joer; **Schwartz Bernard** vu Lëtzebuerg, 22 Joer; **Siebenbour François** vu Miedernach, 24 Joer; **Simon Aloyse** vu Capellen, 24 Joer; **Steinbach Ferdinand** vu Schëffleng, 23 Joer; **Steiwer Marcel** aus dem Pafendall, 24 Joer; **Striff Jean-Pierre** vun Hierber, 24 Joer; **Thekes Roger** vu Gréiwemaacher, 22 Joer; **Thies Jean** vu Boxer, 23 Joer; **Thill René** vu Käl, 20 Joer; **Thillmann Jean** vun Hengescht, 20 Joer; **Traufler Adolphe** vun Esch-Uelzecht, 23 Joer; **Wagner Joseph** vu Mamer, 22 Joer; **Wagner Marcel** vun Esch/Uelzecht, 21 Joer; **Waltener Marcel** vu Käl, 19 Joer; **Valmassoni François** vu Rodange, 24 Joer; **Weber Alex** vu Rodange, 24 Joer; **Weber Marcel** vu Foulscht, 21 Joer; **Weiler André** vu Lëtzebuerg, 23 Joer; **Weiler Jean-Pierre** vu Clierf, 22 Joer; **Weimerskirch Ernest** vu Lëtzebuerg, 22 Joer; **Weiss Eugène** vun Déifferdeng, 22 Joer; **Wolter François** vu Stengefort, 22 Joer; **Zahnen Pierre** vun Huldang, 23 Joer; **Zeimet Pierre** vum Kierchbierg, 19 Joer.

Déi éischte Gebailechkeete vum Zuchthaus vu Son
vun der Neumark läit an nom Zweete Weltkrich zu
ginn, gouf awer Enn 1931 wéinst de schlechte sani
decidéiert, e KZ am fréieren Zuchthaus anzeriichte
huet Sonnenburg nees als Zuchthaus funktionéier
den Nazien an duerno fir déi sougenannten „NN“-

Dëse Prisong - dat hei ass eng Archivfoto - gëtt et

nnenburg, dat 95 km ëstlech vu Berlin an der historescher Landschaft
Polen koum, sinn 1832/1833 entstanen. De Prisong ass 1872 vergréissert
itäre Konditiounen zougemaach. Den 20. Mäerz 1933 hunn d'Nazien
en, dat awer den 23. Abrëll 1934 opgeléist gouf. Vun deem Moment un
rt, fir d'éischt bis 1942 fir sougenannte Krimineller aus der Siicht vun
-Prisonnéier *(NN = Nacht und Nebel)*.

t haut net méi.

Josy Lorent

Vum Leidenswee bis zum Massaker

Wéi 90 jonk Lëtzebuerger Zwangsrekrutéiert vun den Nazië grausam an den Doud gedriwwe goufen

Esou richteg ugefaangen huet eigentlech alles den 10. Mee 1940 mat der Okkupatioun vum neutrale Lëtzebuerg duerch Nazi-däitschland. No de Virstellunge vum „Führer“ Adolf Hitler sollt mat dem Schlagwuert „Heim ins Reich“ de Grand-Duché bannent 10 Joer „germaniséiert“ ginn.

Wat d’Lëtzebuerger vun der Nazipropaganda gehalen hunn, krut den Okkupant eng éischte Kéier ganz däitlech gemaach, wéi déi grouss Majoritéit den 10. Oktober 1941 bei enger „Personenstandsaufnahme“, déi am Volleksmond als Referendum gëllt, op déi entscheedend Froen no der „Muttersprache“ an der „Volkszugehörigkeit“ mat „Luxemburgisch“ - an net wéi vun den Nazien erhofft mat „Deutsch“ - geäntwert hunn. Fir eng grouss ëffentlech Blamage ze verhënneren, huet de Gauleiter Simon seng Ëmfro ofgeblosen. Zënter 1946 gëllt iwwregens den 10. Oktober all Joer als Stéchdatum fir de Commemoratiounsdag vun der nationaler Solidaritéit zu Lëtzebuerg am Zweete Weltkrich.

Eng Moossnam, déi d’Lëtzebuerger awer esou richteg géint d’Nazidiktatur opbruecht an zu enger breeder Resistenz an der Populatioun gefouert huet, war d’Proklamatioun vun der Zwangsrekrutéierung den 30. August 1942 duerch de Gauleiter Gustav Simon, deen den Hitler duerch e „Geheimerlass“ vum 2. August 1940 zu sengem Statthalter als „Chef der Zivilverwaltung“ am besatene Lëtzebuerg ernannt hat. Nodeems schonns den 23. Mee 1941 zu Lëtzebuerg ouni weideren Erfolleg de „Reichsarbeitsdienst“ (RAD) op fräiwëlleger Basis fir d’Jongen an d’Meedercher agefouert gi war, koum et zur Zwangsrekrutéierung vun de jonke Lëtzebuerger vun de Gebuertsjoergäng 1920-1924 an de

RAD an duerno an déi däitsch Wehrmacht. Spéider koumen nach d'Joergäng 1925-1927 derbäi. Dës forcéiert Rekrutéierung, duerch déi eis Jongen den Dag vum Antrëtt an d'Wehrmacht och nach déi däitsch Nationalitéit opgezwonge kruten, huet ganz kloer géint dat internationaalt Vëlkerrecht verstouss a grousse Misär iwwert d'Land bruecht. Bal all Famill zu Lëtzebuerg war direkt oder indirekt vun der Zwangsrekrutéierung betraff an et kann een ouni weideres behaapten, datt et sech dobäi ëm dat gréisste Krichsverbrieche vun den Nazien un der Lëtzebuerger Jugend gehandelt huet.

Keng Gnod hunn d'Nazie fir déi kannt, déi net matgemaach hunn. Nom Prinzip vun der Sippenhaft goufen hir Familljen an den Osten ëmgesidelt an d'Gestapo huet mat alle Mëttelen no deene gesicht, déi sech der Wehrflicht entzunn hunn an hei Land verstoppt oder an d'Ausland ofgesat haten. En erschreckend Beispill dofir ass d'Schicksal vun deene jonke Lëtzebuerger, déi meeschtens mat der Hëllef vu Passeuren an d'Frankräich geflücht waren a sech haaptsächlech zu „Les Ancizes" bei Clermont-Ferrand (Auvergne) an der Grupp vum Resistenzler Albert Ungeheuer zesummefonnt hunn an duerch Verrot engem Gestapo-Sonderkommando vu Lëtzebuerg als „Deserteuren" a „Fluchthelfer" an d'Hänn gefall sinn. Ënnert hinne waren etlech vun de spéideren Affer vum Massaker vu Sonnenburg, déi an déi verruffe Moorlageren am Emsland komm sinn.

(Fortsetzung op der Säit 12)

Aus dem Emsland op Sonnenburg verluecht

All Lëtzebuerger Affer vum Massaker vu Sonnenburg waren als Zwangsrekrutéiert aus der Wehrmacht desertéiert a goufen no hirer Verhaftung duerch d'Gestapo (Geheime Staatspolizei) op verschiddene Plaze vun der Nazijustiz wéinst „Fahnenflucht" a „Wehrkraftzersetzung" zu laange Prisongsstrofe verurteelt.

Si sinn all an déi berüchtegt Moorlagere vun der „Reichsjustizverwaltung" am Emsland un der däitsch-hollännescher Grenz komm. Et war dëst fir Géigner vum NS-Regime vun 1933 bis 1945 eng Grupp vu 15 Konzentratiouns-, Strof- a Krichsgefaangenelageren, déi zentral vu Papenburg aus geréiert goufen. Als „Moorsoldaten" hunn hei d'Prisonéier ënner onmënschleche Konditioune mat Spueden an de Moueren als Zwangsaarbechter misste schaffen. Si hunn als „Nacht-und-Nebel-Häftlinge" gegollten an hu kee Kontakt mat der Aussewelt däerfen hunn, dat heescht hir Famill a Frënn woussten net, wou se dru waren.

Wéi den Hitler den 30. Juli 1944 den „Terror- und Sabotage-Erlass" mat nach méi drakonesche Moossnamen ënnerschriwwen huet, sinn déi sougenannten NN-Prisonéier ganz an d'Hänn vun der Gestapo komm. Dofir si vill vun dëse Gefaangene vu Sonnenburg an d'KZ vu Sachsenhausen a vu Gross-Rosen transferéiert ginn. Hir Plaz zu Sonnenburg hunn d'Wehrmachthäftlingen, ënnert hinnen och d'Lëtzebuerger, kritt. Well den Oberkommando vun der Wehrmacht no der Landung vun den alliéierten Truppen de 6. Juni 1944 an der Normandie mat enger weiderer Militäroperatioun vun den Alliéierten op der däitscher Nordseeküst gerechent huet, goufen am Hierscht vum selwechte Joer all „gefëierlech" Prisonéier, ënnert hinnen och d'Lëtzebuerger, wäit ewech aus den Emslandlagere bruecht. Et dierften der op d'mannst 100 gewiescht sinn, déi de 16., 19., 21. a 24. November 1944 mat verschiddenen Transporter op Sonnenburg verluecht goufen.

D’Moorlageren am Emsland

Die Strafgefangenenlager 1934-1939

- Lager I Börgermoor
- Lager II Aschendorfermoor
- Lager III Brual-Rhede
- Lager IV Walchum
- Lager V Neusustrum
- Lager VI Oberlangen
- Lager VII Esterwegen

Der Ausbau des Lagersystems 1938/39

- Lager VIII Wesuwe
- Lager IX Versen
- Lager X Fullen
- Lager XI Groß Hesepe
- Lager XII Dalum
- Lager XIII Wietmarschen
- Lager XIV Bathorn
- Lager XV Alexisdorf

Die Lager VI und VIII-XV wurden 1939 von der Justiz an die Wehrmacht abgegeben.

(Fortsetzung a Schluss vun der Säit 9)

An dëse Moorlagere vun der „Reichsjustizverwaltung“ hunn zu deem Ament schonns vill vun de jonke Lëtzebuerger als Zwangsaarbechter misste schaffen. Si ware vun der Nazi-Justiz wéinst „Fahnenflucht“ a „Wehrkraftzersetzung“ an als „Wehrdienstverweigerer“ zu laange Prisongsstrofe verurteelt ginn.

Nom D-Day, also dem 6. Juni 1944, wou déi alliéiert Truppen an der Normandie gelant waren an aus Angscht, et kéint un der däitscher Nordeeküst zu enger zweeter Landung kommen, sinn déi verschidden Emslandlagere lues a lues zougemaach an d'Prisonéier an Etappen an aner Prisonge verluecht ginn. Dorënner war de Wehrmachtsprisong am Fort Zinna zu Torgau, wou am Wanter 1944/1945 net manner wéi 17 Lëtzebuerger erschoss gi sinn a sech am Abrëll 1945 fir d'éischte Kéier d'Zaldote vun der US Army an der Rouder Arméi begéint sinn, an eben d'Zuchthaus vu Sonnenburg, wat och eng Häll fir déi Gefaange war an zur Plaz vun deem schreckleche Massaker vum 30./31. Januar 1945 gouf.

Firwat ass et zu dësem Massaker komm? D'Situatioun un der Front huet sech duerch de Virmarsch vun der sowjetescher Arméi, déi schonns ronn 30 km viru Sonnenburg stoung, fir d'Verdeedeger vum Naziregimm rapid verschlechtert. Si hu panikéiert an doropshin decidéiert, dass kee vun de Prisonéier de Befreier lieweg an d'Hänn fale soll. Am Prisong si séier d'Virbereedunge fir d'Evakuatioun op Toure komm. No de „Richtlinien vom Reichsjustizministerium für die Räumung von Justizvollzugsanstalten im Rahmen der Freimachung bedrohter Gebiete“ sollten ongeféier 200 vun de ronn dausend Gefaangenen entweder evakuéiert oder entlooss ginn. Op kee Fall dierften awer d'NN-Prisonéier an aner Auslänner, d'Judden, d'Zigeiner, déi sougenannten „Asozial“ a virun allem d'Wehrmachtshäftlingen entlooss ginn. Dës Prisonéier wieren der Gestapo z'iwwerginn, a wann et net méiglech wär, fir se sécher ënnerzebréngen, misste si erschoss ginn, woubäi all Spueren ze verwësche wären.

An deem Sënn goufen 823 Affer zu Sonnenburg ausgewielt, fir erschoss ze ginn. Véier vun hinnen - e Belsch, e Jugoslaw, e Pol an en Ukrainer - koumen iwwregens wéi duerch e Wonner mam Liewen dervun. Fir d'Exekutioun eenege sech déi fir de Massaker responsabel Nazien op eng Plaz am Zuchthaus selwer tëschent den Atelieren an der Prisongsmauer. D'Läiche sollten ëm den Eck tëschent zwou Mauere bruecht an do leie gelooss ginn.

Vu Frankfurt/Oder ass en SS-Kommando vun 20 Mann ukomm, fir d'Exekutioun zu Sonnenburg duerchzeféieren. Ee vun hinnen hat Gewëssensbëss a wollt sech net um Massaker bedeelegen, wat him dann och zougestane gouf.

Nodeems d'SS-Männer géint 21 Auer nach zu Nuecht giess haten, fänken si eng Stonn duerno mat dem Gemetzels un. A Gruppe vun 10 ginn d'Prisonéier op d'Exekutiounsplaz gedriwwen, wou si sech op de Bauch op eng Muertekaul leeë mussen. E Kommando vun 10 SS-Männer schéisst d'Affer mat Maschinnepistoulen hannen an de Kapp. Eng Grupp vu méi staarke Gefaangenen, déi virdrun erausgesicht gi waren, huet déi Doudeg missten op e Koup an den Haff niewendru schleefen. Den Exekutiounskommando huet wärend der ganzer Zäit vun hirer schänterlecher Aktioun Branntewäin gedronk a vill Zigarette gefëmmt. Eenzeler solle sech esouguer iwwerginn hunn. Géint 2 Auer mueres fréi deen aneren Dag war de Massaker eriwwer. De Kommando ass mam Auto zréck op Frankfurt/Oder gefuer.

Den 2. Februar 1945, also knapp zwee Deeg no dësem Krichsverbriechen, kënnt d'Unitéit Nr. 54761 vun der 8. sowjetescher Garde-Arméi am Zuchthaus vu Sonnenbuerg un an entdeckt de Koup mat den 819 Läichen ...

Informatiounsquellen:

André Hohengarten. Der Leidensweg nach Sonnenburg. Les Cahiers du CDREF – N0 7/2016
André Heiderscheid. Das Massaker im Zuchthaus Sonnenburg. „Nie wieder" -Band 3.

Memento a polnescher Sprooch um Grafstee fir d'Lëtzebuerger Jongen um Kierfecht zu Slonsk (Foto: Jean Ferber)

AN ERËNNERUNG

un déi 90 jonk zwangsrekrutéiert Lëtzebuerger,
déi an der Nuecht vum 30. op den 31. Januar 1945
am Prisong vu Sonnenburg (haut Slonsk a Polen)
brutal a sënnlos vun engem SS-Kommando
massakréiert goufen.

MIR VERGIESSEN NET !

Gemeng Conter
Fédération des Enrôlés de Force,
Victimes du Nazisme

Mutfert - 30. Januar 2023

Text vun der neier Gedenkplack

Déi nei Gedenkplack zu Mutfert

AN ERËNNERUNG

un déi 90 jonk zwangsrekrutéiert Lëtzebuerger,
déi an der Nuecht vum 30. op den 31. Januar 1945
am Prisong vu Sonnenburg (haut Slonsk a Polen)
brutal a sënnlos vun engem SS-Kommando massakréiert goufen.

MIR VERGIESSEN NET !

Gemeng Conter
Fédération des Enrôlés de Force, Victimes du Nazisme
Moutfort - 30. Januar 2023